Communiqué

Léif Leit vum FC Minerva Lëntgen

Am Numm vum Trainer-Staff (Fabio Gaspar a Pierre Hoffmann) wollte mir dem Miagi, dem Comité, de Spiller, dem Supporterclub, der Jugendkommissioun, de Jugendtraineren, de Sponsoren an all den aneren treien Unhänger vum FC Minerva e grousse **MERCI** ausschwätze fir eng wonnerbar Zäit mat Iech.

Et war eng Zäit mat vill gudden, wéi och manner gudde Phasen am sportleche Beräich, mee mir behale just déi gutt Momenter an déi vill Frëndschaften zréck, déi mir bei Iech konnte maachen. Mir hunn eis wuel gefillt an dofir fält et eis och schwéier Äddi ze soen.

Mir wäerte weiderhi Lëntgen ënnerstëtze kommen an dofir wënsche mir all den Ekippe vum FC Minerva „Bonne Chance" fir d'Zukunft.

Mir wäerten eis ganz schnell op den Terraine rëmgesinn.

Mat sportleche Gréiss

Fabio Gaspar

Pierre Hoffmann